Nee Nee Nee : Argumenter

Referendum 7. Juni

GRONDSÄTZLECH FROEN ZUM „VERFASSUNGS-“REFERENDUM VUM 7. JUNI 5
D’Verfassung gehéiert geschützt 5

AUSLÄNNERWALRECHT: NEE! NEE! NEE! 8
Grondsätzlech Iwwerleeungen 8
1. Souveräne Staat an Natioun. 8
2. Souveränitéit an allgemeng Interessie 9
3. Walrecht fir Auslänner ass weltwäit eng absolut Raritéit 9
4. Et gëtt kee Wee zeréck 9
5. Keng Réciprocitéit 10
6. Net méi Rechter fir d’Auslänner wéi fir d'Lëtzebuerger 10
7. Et gëtt keng Diskriminatioun vun Auslänner 10
8. Demographesch Entwécklung 10
9. D’Walrecht als Ausdrock fir eng Verantwortung fir d’Natioun 11
10. De Solidaritéitsgedanken 11
11. Interessekonflikter 11
12. Dat passiivt Walrecht kënnt mat Sécherheet no! 11
13. Iwwerpréiwung an Ausübe vum Walrecht 12
« Demokratiedefizit » a Partizipatioun 12
14. D’Auslänner kënnen hir spezifesch Interessie wierksam genuch vertrieden 12
15. Den Demokratiedefizit am Land läit net beim Auslännerwalrecht 12
16. Dat « economescht Argument » fir d’Auslännerwalrecht ass falsch 13
17. Dat « steierlecht Argument » fir d’Auslännerwalrecht ass falsch 13
18. “D’Upassung un déi sozial Realitéit”–Argument ass och falsch 13
Integratioun 14
19. D’Walrecht iwwer déi duebel Nationalitéit steet jidderengem op! 14
20. D’Regierung wëll de Wäert vun der Lëtzebuerger Nationalitéit erof setzen 14
21. D’Regierung wëll och déi matbestëmme loossen, déi eis Sprooch net verstinn 14
Konsequenzen op eist politescht a gesellschaftlecht Liewen 15
22. D’ADR ass géint e fakultatiivt Walrecht 15
23. D’Auslännerwalrecht schaaft de Risiko vum Communautarismus 15
24. D’Auslännerwalrecht ass géint den ëffentlechen Déngscht geriicht 15
25. Weist d’Auslännerwalrecht e positiivt Bild vu Lëtzebuerg? 15

WIELE MAT 16: NEE! NEE! A NACH EEMOL NEE! 17
Grondsätzlech Iwwerleeung 17
1. Un d'Groussjäregkeet bannen 17
2. Versteesdemech fir d'Politik 17
3. Risiko vu Manipulatioun 17
4. Och d'Zuel 16 ass arbiträr 17
5. Prinzip vum fakultative Walrecht 18
6. Rechtlech Grondfroen 18
AlternativPropose vun der ADR 18

MINISTERMANDATER BEGRENZEN? NEE! NEE! NEE! 19
Grondsätzlech Iwwerleeung 19
1. De Wielerwëlle respektéieren 19
2. Inkohärenz: nëmme fir d'Regierung ? 19
3. D'Fro ass net kloer gestallt. 19
4. De Prinzip vun der limitéierter Mandatszäit nëmme fir ganz mächteg Posten. 20
5. Politesch Mandater: méi wichteg Problemer 20
6. Virdeel an den europäesche Ministerréit 20
Alternativ Propose vun der ADR 20

ANNEXES **21**
De Fernand Kartheiser begrënnt d'Parteipositioun beim Referendum[Video]: 21
De Roy Reding an der Chamber an der Chamber zum Sondage/Referendum [Video]: 21
Bréif un d'Press vum Roy Reding : Anticonstitutionnel ! Consultatif ! 21
Formuléierung vun de Referendumsfroen 22
ADR-Wahlprogramm (Auszich iwwer déi dräi Referendumsfroen) 23
Bäitrag vum Roland Kirsch: Iwwer d'Walrecht zu Lëtzebuerg 24
Grafik: Undeel vun Auslänner an den EU-Länner 26
Käschte vum Referendum: Den Dossier vun der parlamentarescher Fro vum Roy Reding 27

Grondsätzlech Froen zum „Verfassungs-“Referendum vum 7. Juni

De Wee fir iwwert e „Referendum am Virfeld“ d'Constitutioun ze änneren ass net konform mat der Verfassung!

Nee! Nee! Nee! Mir sinn dergéint! Net aus Toxegkeet, mä well et wierklech gutt Grënn gëtt, beim Referendum mat Nee! Nee! Nee! ze stëmmen. Lëtzebuerg ka net forcéiert ginn, seng Verfassung a seng Liewensart iwwert de Koup ze geheien, well eng hauchdënn Regierungsmehrheet dat esou wëll. D'Regierung weess, dass esou eng Reform vun der Verfassung hir eenzeg Chance ass, och an Zukunft heinsdo eng hauchdënn Majoritéit ze kréien.
Dorëms geet et, a net em Sympathien fir Auslänner oder Jugendlecher … Alternativ an demokratesch setze mär eis awer mat de Referendumsfroen ausernee. Mer verspriechen eise Wieler, dass mer hir Stëmme fir d'ADR – déi deemools och scho Stëmme géint déi dräi Referendumsfroen waren, well dat esou an eisem Walprogramm stoung, respektéieren. Mir falen net ëm a sinn a bleiwen dergéint. Nee! Nee! Nee! (Eis Haaptpositiounen, an engem Dokument resuméiert)

D'Verfassung gehéiert geschützt

E Sonndeg, de 7. Juni, sinn d'Lëtzebuerger als d'Wieler opgeruff, iwwert de Wee vum „Referendum“, op dräi Froen ze äntweren, wou de Jo oder Nee duerno Entscheedungen op déi zukünfteg Verfassung mat sech zéien sollen.
D'Lëtzebuerger Verfassung seet awer kloer an däitlech, wéi ons Constitutioun, déi de Grondsteen ass vun onsem Staat an onsen Institutiounen a virun allem vun onsem Zesummeliewen an dësem klenge Land, soll an däerf geännert ginn.

«Art. 114. Toute révision de la Constitution doit être adoptée dans les mêmes termes par la Chambre des députés en deux votes successifs, séparés par un intervalle d'au moins trois mois.

Nulle révision ne sera adoptée si elle ne réunit au moins les deux tiers des suffrages des membres de la Chambre, les votes par procuration n'étant pas admis.

Le texte adopté en première lecture par la Chambre des députés est soumis à un référendum, qui se substitue au second vote de la Chambre, si dans les deux mois suivant le premier vote demande en est faite soit par plus d'un quart des membres de la Chambre, soit par vingt-cinq mille électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives. La révision n'est adoptée que si elle recueille la majorité des suffrages valablement exprimés. La loi règle les modalités d'organisation du référendum.»

D'Prozedur op Lëtzebuergesch:

Alleréischt Viraussetzung ass, datt sech eng **zwee Drëttel Majoritéit an der Chamber** fënnt (also 40 Deputéierten), déi sech op den Text fir eng Ännerung eenegt.

Dësen Text muss dann dräi Méint opleien, dëst och fir der Politik an der Zivilgesellschaft d'Méiglechkeet ze ginn, dës Reform nach eng Kéier an aller Rou ze iwwerdenken. No dräi Méint kéint dann, nach ëmmer mat enger zwee Drëttel Majoritéit, d'Ännerung vun der Verfassung vun der Chamber an engem zweet Vote definitiv ugeholl ginn. Et sief dann, datt:

Ee Véierel vun den Deputéierten, also 15 Volleksvertrieder, oder 25 000 Wieler, bannen 2 Méint nom éischte Vote verlaangen, datt d'Verfassungsännerung duerch e Referendum bestätegt oder verworf gëtt.

Dëse Referendum ersetzt dann den 2. Vote an der Chamber. Eng einfach Majoritéit vun de Wieler ass entscheedent a bënnt och d'Chamber (also kee consultative Referendum).

Dës Prozedur ass esou ausgeluecht, datt et eng **duebel Sécherheet** gëtt, fir d'Verfassung ze änneren. Éischtens, eng zwee Drëttel Majoritéit an der Chamber. Zweetens kann eng einfach Majoritéit vun der Wieler dës zwee Drëttel Majoritéit vun den Deputéierte kippen

Et ass domadder och kloer: **Et kann net ëmgedréint goen**. Also als éischt e Referendum mat einfacher Majoritéit, deen dann an der nächster Etape déi zwee Drëttel Majoritéit vun der Chamber géif ophiewen! Sollt esou eng Prozedur sech duerchsetzen, da kéint an Zukunft eng einfach Majoritéit (esou guer 50,1 %) vu Wieler Verfassungsännerungen duerchsetzen, dëst och op populistescher Basis.

Den Artikel 114, esou wéi en haut an der Verfassung steet, ass de 26. November 2003 an der Chamber ugeholl ginn, dëst mat 59 Jo-Stëmmen an enger Enthalung.

Ier den Artikel 114 an der aktueller Form ugeholl ginn ass, huet virun all Verfassungsännerung d'Chamber missen opgeléist ginn. An der Praxis war et esou, datt um Enn vun enger Legislaturperiod, also viru Walen, déi souwisou fälleg waren, d'Chamber eng Rei Artikelen aus der Verfassung „fräi“ ginn huet fir Verännerungen, déi da vun der nächster Chamber virgeholl gi sinn (oder och net). An der Theorie konnt zumindest de Wieler also och iwwert Ännerungen an der Verfassung mat bestëmmen, an der Praxis huet dëst an der Walcampagne a beim Vote vun de Wieler awer kaum eng Rolle gespillt.

Den Artikel 114 aus der Verfassung a senger aktueller Form ass also, an der Praxis, e positive Schratt no vir, well de Wieler kann erugezu ginn, an iwwert e Verfassungsreferendum mat einfacher Majoritéit d'Entscheedung kann selwer huelen.

D'Viraussetzung, datt d'Wieler fir eng Verfassungsännerung gefrot kënne ginn, ass awer dat **virdrun** den Text an der Chamber vun zwee Drëttel vun den Deputéierten, am éischte Vote, ugeholl ginn ass.

D'Parteie vun der aktueller Dräierkoalitioun hunn 2003 dëser Prozedur zougestëmmt. Se hunn awer elo dës zwee Drëttel Majoritéit an der Chamber net, a wëllen dofir iwwert en Trick déi an der Verfassung virgesinne Sécherheeten ausser Kraaft sëtzen, fir hir Iddien duerch ze setzen (oder besser gesot eng Iddi: déi vum Auslännerwalrecht).

Ons Verfassung gesäit wuel am Artikel 51.(7), och den „einfache“ Referendum vir.

Art. 51. (7) «Les électeurs pourront être appelés à se prononcer par la voie du référendum dans les cas et sous les conditions à déterminer par la loi.»

Dësen Artikel bezitt sech awer net op Ännerunge vun der Verfassung sëlwer. Dës Ännerunge sti juristesch a fir e Rechtsstat an der Hierarchie jo iwwert engem klasseschem Gesetz, a si präzis am Artikel 114 festgeluecht.

Den Artikel 51.(7) bezitt sech also op „klassesch“ Froen, déi mat engem Gesetz entscheet ginn.

D'ADR fuerdert schonns zanter hirer Grënnung, datt de Bierger bei wichtegen Entscheedungen iwwert de Wee vum Referendum däerf mat entscheeden. Et stinn aktuell nach zwou Froe fir e Referendum um Rôle vun der Chamber, déi allebéid iwwert Gesetzespropositioune vun der ADR abruecht gi sinn. Eng Fro, déi dem Wieler misst gestallt ginn, ass déi vum Finanzement vum Tram, eng zweet ass déi vum Bestietnis vu gläichgeschlechtleche Koppelen. Bei esou Froe léisst awer d'Majoritéit – déi aktuell an déi vu virdru – de Wielerwëllen net zou.

Fir d'ADR ass kloer: De Wee fir iwwert e „Referendum am Virfeld“ d'Verfassung ze änneren ass net konform mat der Verfassung!

Dowéinst huet d'ADR och d'Gesetz, mat deem de Referendum vum 7. Juni decidéiert ginn ass, NET matgestëmmt. Dëst net well d'ADR géint de Prinzip vum Referendum ass, awer well an dësem konkretem Fall d'Verfassung net respektéiert gëtt. D'ADR huet sech, aus dëser Ursaach, och net um Prozess vum Referendum bedeelegt an och keng Zousazfroen era ginn. (D'Gesetz ass mat 34 Jo a 26 Nee ugeholl ginn, also wäit ewech vun enger zwee Drëttel Majoritéit). Dëst net well d'ADR géint de Prinzip vum Referendum ass, awer well an dësem konkretem Fall d'Verfassung net respektéiert gëtt. D'ADR huet sech, aus dëser Ursaach, och net um Prozess vum Referendum bedeelegt an och keng Zousazfroen era ginn.

Well d'Gesetz nun awer eemol gestëmmt ginn ass, de Referendum duerchgefouert gëtt an ons Verfassung verlaangt datt de Wieler muss wiele goen, huet d'ADR eng kloer Stellung zu deenen déi dräi Froen a rifft seng Memberen a Sympathisanten op, dës mat NEE ze beäntweren.

Well de Referendum net konform ass zur Verfassung, a well en nëmmen e consultative Charakter huet (also d'Chamber net bënnt), wäert d'ADR bei der Diskussioun an der Chamber zu dëse Froen, onofhängeg vum Resultat vum Referendum, sech no hirem Grondsazprogramm an hirem Walprogramm riichten.

Nee! Nee! Nee! Bleift fir eis Nee! Nee! Nee!, och wann de Referendum eppes anescht soe sollt.

A fir e consultativen, net verfassungskonformen Referendum, deen keen Afloss dierft hunn op d’akuell Majoritéit an der Chamber, déi net duergeet fir d’Verfassung ze änneren, kascht dee Sondage a Landesgréisst zimmlech vill Suen. Den ADR-Deputéierten Roy Reding hat dat nogefrot, an hei d’Äntwert vum Premier, deen dat zur Chefsaach schéingt gemaach ze hunn. (Parlamentareschen Dossier: Käschte vum Referendum)
Hei fannt Der e Bréif, an deem den ADR-Deputéierten an Affekot Roy Reding engem Unis-Professer dës Mechanismen erklärt an hei e Video, wéi hien eis Positiounen an der Chamber duerleet. Dass verschidde Leit, déi haut soen, d’Deputéiert misste sech un den Ausgang vum Referendum halen (an net zécken ze soen, dat wier schon eleng kloer, well si schliesslech esou vill Geld aus der Fënster geheien fir dee Referendum), méi iwwerluet a méi virsichteg argumentéere kënnen (schliesslech krut de Staatsrot dat och ze liesen) weist en Text, deen ee vun hinne geschriwwen huet. Op der Säit 7 vun deem Dokument (Passage vun eis giel ënnerstrach), seet den Auteur, den Alex Bodry, däitlech, dass de Referendum ass fir ze hëllefen, eng Reform auszeschaffen. Hie seet net, dass dee Referendum soll all Deputéiert forcéieren, fir eng Reform ze stëmmen, géint déi si sinn, wann e mat Jo géing ausgoen. Et ass d’Propositioun fir d’Gesetz iwwer de Referendum vum 7. Juni.

Auslännerwalrecht: Nee! Nee! Nee!

Grondsätzlech Iwwerleeungen

Firwat sollen Auslänner hei wielen, déi net wëlle Lëtzebuerger ginn? Firwat sollen d'Lëtzebuerger an hirem Land scho bal an d'Minoritéit gesat ginn? Firwat musse mer eng Liewensart änneren, déi nach ëmmer esou wuel de Lëtzebuerger wéi eisen auslännesche Matbierger e gutt Liewe gesëchert huet? Wat wëll Lëtzebuerg beweisen? Mir sinn eent vun de Länner mat dem héchsten Undeel un auslännesche Matbierger a mat de wéinegste Problemer op deem Plang … ouni rassistesch oderrietsextrem Gruppéierungen. Äntwerten op dës an aner Froe fannt Dir hei.

1. Souveräne Staat an Natioun.

E souveräne Staat ass méi wéi d'Zomm vu sengen Awunner. Staat an Natioun gehéieren onzertrennbar zesummen. Et gëtt dofir keen „Awunnerwalrecht", mee d'Natioun, also d'Bierger, déi d'Nationalitéit vun engem Staat hunn, wielen an deem Staat dat nationaalt Parlament.

Lëtzebuerg maach wuel kléng sinn, geographesch a mat enger hallwer Millioun Awunner. Et ass trotzdem e souveräne Staat an eng Natioun, déi historesch gewuess ass. Lëtzebuerg huet, fir seng Souveränitéit ze erhalen, munch Schwieregkeete missen iwwerwannen an huet des Epreuven nëmmen dank der Solidaritéit vu sengem Vollek gemeeschtert.

Mam Wiener Kongress (1814 – 1815) a mam Traité vu London vu 1839 ass Lëtzebuerg als Grand-Duché zu engem Staat ginn. D'Konventioun vu Montevideo (Convention de Montevideo sur les droits et les devoirs des États signée à Montevideo – Uruguay- le 26 décembre 1933) hält véier Kritäre fest, déi am internationale Recht e souveräne Staat definéieren: a) permanent bewunnt sinn: b) een definéierten Territoire kontrolléieren; c) eng Regierung hunn an d) fäheg sinn, Relatioune mat anere Staaten opzehuelen. Dës Kritären si spéitstens mat Traité vun 1839 erfëllt.

Lëtzebuerg ass, fir dem Historiker Gilbert Trausch seng Wierder ze gebrauchen, vum Staat zu enger Natioun ginn. Natioun kënnt aus dem Latäineschen „Natio". Dëst kann een iwwersetzen mat Vollek, Ofstamung, Hierkonft... Wann et Ausname gëtt, déi, wéi an der Schwäiz, als „Wëllensnatioune" verschidde Sprooche schwätzen, esou iwwerschneiden sech praktesch iwwerall an der Welt de souveräne Staat mat enger „Kulturnatioun", déi sech op eng gemeinsam Sprooch, Traditiounen a Geschicht bezitt. 1839, nom Ofkoppelen vum wallouneschen Deel vum Groussherzogtum, ass et ganz besonnesch d'lëtzebuerger Sprooch déi d'Bevëlkerung vu Lëtzebuerg a senge Grenze vun haut zou enger Natioun zesumme geschweest huet.

Am leschte Weltkrich hunn d'Lëtzebuerger dacks mam Asaz vun hirem Liewen bewisen, datt ons Heemecht et wäert ass, verdeedegt ze ginn. Schonn am éischte Weltkrich, wéi och laang duerno an der Krise vun eiser Stolindustrie hunn d'Bierger vum Staat an der Natioun hir grouss Solidaritéit an hir Afferbereetschaft ënner Beweis gestallt.

2. Souveränitéit an allgemeng Interessie

Wien d'Walrecht huet, kann iwwer souverän Decisioune mat bestëmmen. An den Ae vun der ADR muss dëst Recht un d'Nationalitéit gebonne sinn a bleiwen.

An der Chamber ginn ëmmer nees wichteg Decisioune geholl, déi souwuel d'Souveränitéit wéi och déi allgemeng Interessie vun eisem Land an de Lëtzebuerger betreffen. Dowéinst léisst sech och keen Ënnerscheed maachen tëschent enger "communauté d'intérêts", déi jiddereen hei am Land géing betreffen, an enger " communauté de destin" déi un d'Nationalitéit gebonne wär. An der Chamber ginn ëmmer nees Decisioune geholl, déi primär d'Schicksal, also den "Destin", vun de Lëtzebuerger an dem ganze Lëtzebuerger Land betreffen.

3. Walrecht fir Auslänner ass weltwäit eng absolut Raritéit

Op där ganzer Welt gëtt et nëmmen an e puer Länner en Auslännerwalrecht. Et muss een sech also wierklech froen, firwat grad Lëtzebuerg sou e Walrecht sollt aféieren, an et muss een sech de Konsequenze vun esou engem Schrëtt ganz kloer bewosst sinn!

D'Auslännerwalrecht gëtt et a Neiséiland an an e puer südamerikanesche Länner, an dat zum Deel mat ganz strenge Konditiounen fir iwwerhaapt duerfen dohinner wunnen ze goen. Keent vun deene Länner ass an enger demographescher oder sozialer Realitéit, déi mat där lëtzebuergescher ze vergläiche wär. Lëtzebuerg huet och keng kolonial Vergaangenheet, wéi z.B. England, wou nach extra Regelen duerch de "Commonwealth" gëllen.
A bal allen vun deenen 200 Länner vun der Welt ass d'Walrecht fir Auslänner vollkommen ausgeschloss. Bal op der ganzer Welt gëtt et keng Diskussioun ëm Froe vun "Egalitéit", "Participatioun", "Dynamik" oder "Legitimitéit" bei nationale Wale, well déi auslännesch Staatsbierger net zu deene Walen zougelooss sinn. Dat gëllt natierlech och fir Portugal, Frankräich, d'Belsch, Däitschland, Italien, Spuenien an all déi aner Länner, wou déi meeschte vun den Auslänner hei am Land hir kommen. An där ganzer Europäescher Unioun gëtt et keen eenzegt Land, dat och nëmmen dru geduet hätt, en Auslännerwalrecht anzeféieren.A wann an engem vun deene Länner d'Halschent vun der Bevëlkerung eng aner Nationalitéit hätt, da géing do esou e Plang als absurd ugesi ginn. Fir d'ADR ass jiddefalls kloer, datt en Auslännerwalrecht zu Lëtzebuerg net a Fro kënnt.
Auslännerdeel an den EU-Länner (Grafik)

4. Et gëtt kee Wee zeréck

Wann d'Auslänner bis eemol d'Walrecht fir d'Chamber hunn, da gëtt et kee Wee méi zeréck, egal wéi d'Bevëlkerung vu Lëtzebuerg, säin Auslännerundeel an d'Gewiicht vun eenzelne Communautéiten sech entwéckelen. Och bei den nächste Referenden däerfen dann d'Auslänner matbestëmmen.

D'Auslännerwalrecht mécht am Géigendeel de Wee fir déi nächst Schrëtt grouss op: aktiivt Auslännerwalrecht ouni Konditiounen, passiivt Walrecht fir Auslänner (si kënnen an d'Chamber gewielt ginn), Fro vun de Sprooch déi dann an der Politik an an der Chamber geschwat gëtt, den Accès fir Net-Lëtzebuerger an d'Fonction publique... Et gëtt kee Wee zréck, well jo déi Auslänner, déi d'Walrecht géife kréien, géint all Ännerung an déi aner Richtung kinnte stëmmen.

5. Keng Réciprocitéit

Well et keng Réciprocitéit gëtt, hätten d'Lëtzebuerger, déi an anere Länner wunnen, manner Rechter wéi déi, déi si selwer géingen den Auslänner an hirem eegene Land zougestoen.

Fir gewéinlech gëtt a wichtege Froen tëschent Staaten de Prinzip vun der Réciprocitéit (Géigesäitegkeet) respektéiert. Dat heescht, ee Staat gëtt engem anere Rechter, déi den anere och bei him kritt. Esou ass z. B. d'Walrecht fir Auslänner bei den Europawalen sou organiséiert, datt d'Lëtzebuerger Bierger kënnen am EU-Ausland wielen, an d'EU-Auslänner ëmgekéiert och bei eis. Bei engem Auslännerwalrecht fir d'Chamberwale wär dat awer net de Fall. A bal alle Länner vun der Welt däerfen d'Auslänner, also och d'Lëtzebuerger, bei Parlamentswalen net mat wielen.
Wëll déi europäesch Union eng Staategemeinschaft ass, a Lëtzebuerg (wéi déi aner Memberstaten) net soll doranner seng Souveränitéit opginn, kënnt och fir d'ADR d'Auslännerwalrecht net am europäeschem Kader a Fro.

6. Net méi Rechter fir d'Auslänner wéi fir d'Lëtzebuerger

Mir géifen zwou Kategorië vu Bierger hei am Land kréien. Éischtens d'Lëtzebuerger, déi nëmmen hei wiele kënnen. Zweetens d'Auslänner, déi hei an, jiddefalls meeschtens, gläichzäiteg och an hirem Ursprongsland fir hiert national Parlament wiele kéinten.

Mir kënnen oder däerfen deenen Auslänner, déi hei am Land wunnen an déi d'Walrecht an eisem Land géife kréien, jo net virschreiwen, dat si dofir missten op hir Rechter an hirem Staat, déi hinnen duerch hir eegen Nationalitéit zoustinn, verzichten.
Dat gëllt zwar och fir déi Lëtzebuerger mat enger duebeler Nationalitéit. Awer déi consideréiere mir jo als vollwäerteg Lëtzebuerger, déi hire Wëlle, fir sech ze integréieren, bewisen hunn.

7. Et gëtt keng Diskriminatioun vun Auslänner

D'Auslänner, déi zu Lëtzebuerg wunnen, sinn net vun engem Walrecht fir Parlamentswalen ausgeschloss.

En Auslänner, deen zu Lëtzebuerg wunnt, däerf a sengem eegene Land wiele goen. Et gëtt also an deem Sënn weder en Defizit un Demokratie, nach eng Diskriminatioun opgrond vun der Nationalitéit. Jiddereen däerf un de Parlamentswalen am Land vu senger Nationalitéit sengerdeelhuelen.

8. Demographesch Entwécklung

D'Auslännerwalrecht kéint theoretesch heeschen, dat eng Majoritéit vun auslännesche Wieler méi e staarkt elektoraalt Gewiicht huet, wéi déi Minoritéit vu Lëtzebuerger.

Bei där aktueller demographescher Entwécklung, ass et nëmmen nach eng Fro vun der Zäit, bis datt d'Lëtzebuerger Staatsbierger nëmmen nach eng Minoritéit vun den Awunner hei am Land duerstellen. Et muss hei drun erënnert ginn, datt Lëtzebuerg am Verglach zu anere Länner, en enorm héijen Auslännerundeel huet. Aktuell schonn ëm 45%, an d'Tendenz weist staark no uewen.
(Liest och d'Punkten 19. D'Walrecht iwwer déi duebel Nationalitéit steet jidderengem op! an 20. D'Regierung wëll de Wäert vun der Lëtzebuerger Nationalitéit erof setzen a kuckt d'Grafik zum Auslännerdeel an EU-Länner)

9. D'Walrecht als Ausdrock fir eng Verantwortung fir d'Natioun

Fir d'ADR ass kloer, datt eng wierklech sënn- a verantwortungsvoll Decisioun bei der Wal fir d'Chamber nëmme ka geholl ginn, wann de Wieler op d'mannst d'Grondkenntnisser vun der Lëtzebuerger Geschicht, Kultur a Sprooch huet.

Wee wiele geet, soll wa méiglech net nëmme verstoen, wéi d'Institutioune vum Lëtzebuerger Staat fonctionnéieren, mä soll och wëssen, a wéi engem gesellschaftlechen a politeschen Zesummenhank politesch Decisiounen hei am Land geholl ginn.

10. De Solidaritéitsgedanken

Bis elo sinn d'Lëtzebuerger och schwiereg Situatiounen nach Meeschter ginn, well et eng staark national Solidaritéit gouf. Gett déi net doduerch a Fro gestallt, wa Leit déi net zu där Solidargemeinschaft gehéieren a vläicht ganz aner Prioritéiten a Loyalitéiten hunn, kënne matbestëmmen?

D'ADR freet dowéinst, wéi et mat engem Auslännerwalrecht ëm dee wichtege Solidaritéitsgedanken (z.B. Opbau nom Zweete Weltkrich, Pressepluralismus, Rettung vun der Stolindustrie) an eiser Gesellschaft bestallt wär.

11. Interessekonflikter

Déi Tatsaachen, datt d'Auslänner kéinte gläichzäiteg an e puer Länner iwwert Froe vu Souveränitéit a Froe mat internationalen Implikatiounen ofstëmmen, nämlech an hirem eegene Land an och hei zu Lëtzebuerg, an datt auslännesch Regierungen oder Interessegruppe kéinten hir Staatsbierger hei am Land zu engem bestëmmte Walverhalen opruffen, kann och eng Rei vun Interessekonflikter mat sech bréngen.

Dëst z.B. an economeschen, sozialen oder fiskale Beräicher. Et ass net automatesch unzehuelen, datt an enger Situatioun, wou dat de Fall wier, déi concernéiert Auslänner sech géingen éischter fir déi lëtzebuergesch Interessien entscheeden, an net fir d'Interesse vun hirem Heemechtsland. Esou wéi d'Fro vun der Regierung gestallt ass, géife jo och d'Auslänner aus der ganzer Welt (also net nëmmen aus der europäescher Unioun) mat wielen. Esou kéinten och international Konflikter d'Lëtzebuerger Wale beaflossen.
Theoretesch wär souguer denkbar, dat bestëmmte Länner wéilten hir national Interessen iwwer de Wee vun hire Wieler hei am Land favoriséieren, ënner anerem z.B. duerch e bewossten Afloss op eis Regierungsbildung, och a grad, wann deenen hir Interessien deene lëtzebuergeschen oppe widderspriechen. Bei auslännesche Wielergruppe vu signifikativer Gréisst kann e Walresultat op déi Manéier ganz liicht an decisiv beaflosst ginn. Mir stellen och fest, datt verschidden auslännesch Perséinlechkeete mat grousse Wierder fuerderen, datt hei am Land soll en Auslännerwalrecht ageféiert ginn. Si sinn awer net bereet, d'Auslännerwalrecht an hirem eegene Land ze fuerderen.

12. Dat passiivt Walrecht kënnt mat Sécherheet no!

Och wann d'Regierung am Ableck nëmmen dat aktiivt Walrecht proposéiert (dat heescht, et kann ee wiele goen), dann ass jo kloer, datt domat och e groussen Drock entsteet, fir datt d'Auslänner och geschwënn sollen dat passiivt Walrecht kréien (dat heescht, datt si och kéinte gewielt ginn).

Esou séier wéi d'Auslänner dat aktiivt Walrecht hätten, géinge do automatesch nei D'Fuerderung nokommen. Dat seet ee vun den Haaptinitiatore, de Fraktiounsvirsëtzenden vun de Sozialisten, vum Referendum ganz kloer: Dat aktivt Walrecht ass e klenge Schrack, fir de Leit

keng Angscht ze maachen. Ass dat bis gestëmmt, kënnt dat passivt Walrecht (als nächste Schrack) no.

13. Iwwerpréiwung an Ausübe vum Walrecht

D'Zougestoe vum Auslännerwalrecht ënner zwou ganz einfache Konditioune géing och bedeiten, datt hei Leit kéinten d'Walrecht ausüben, déi et (z.B. duerch e Geriichtsuerteel) an hirem Heemechtsland d'Walrecht verluer hunn.

Et ass de Lëtzebuerger Autoritéite mat Sécherheet an deenen allermeeschte Fäll net méiglech, dat ze iwwerpréiwen. D'Fro géing sech dann och bei Veruerteelunge vun Auslänner hei am Land stellen, ob a wéi hinnen hir biergerlech Rechter, wéi z.B. d'Walrecht, kéinten oferkannt ginn.

« Demokratiedefizit » a Partizipatioun

14. D'Auslänner kënnen hir spezifesch Interessie wierksam genuch vertrieden

Lëtzebuerg offréiert deenen Auslänner, déi hei wunnen, wäit méi Méiglechkeete fir eng politesch Participatioun an eiser Gesellschaft, wéi déi allermeeschten aner Länner op dëser Welt!

D'Auslänner huelen hei am Land um sozialen a politesche Liewen aktiv deel a sinn och net vum politesche Liewen ausgeschloss. Si kënnen z.B. gläichberechtegt mat de Lëtzebuerger un alle Sozialwalen deelhuelen, d'EU-Bierger kënne bei den Europawalen op Lëtzebuerger Lëschte wielen a gewielt ginn. All Auslänner, och déi aus Net-EU-Staaten, kënne bei de Gemengewale wielen a gewielt ginn. Neierdéngs kënnen d'Auslänner souguer Schäffen oder Buergermeeschter ginn, eppes wat et net a ville Länner op der Welt gëtt.
Ausserdeem kënnen si sech an alle politesche Parteien an Associatiounen engagéieren, dorënner och Associatiounen, déi sech speziell ëm Auslännerfroe këmmeren. Vun engem Demokratiedefizit fir d'Auslänner hei am Land kann also keng Rieds sinn.
Et muss och nach eemol drun erënnert ginn, datt selbstverständlech all Member vun der Chamber ëm d'Wuel vun der gesamter Populatioun besuergt a beméit ass. Déi spezifesch Interessie vun der auslännescher Populatioun, déi zu Lëtzebuerg wunnt an/oder schafft, ginn och elo schonn an zënter ganz laange Joeren an der Politik mat berücksichtegt.

15. Den Demokratiedefizit am Land läit net beim Auslännerwalrecht

Et ass awer richteg, datt et eng Rei vun Demokratiedefiziten an eisem Land gëtt. Mä déi betreffen un éischter d'Plaz d'Lëtzebuerger selwer a seelen och d'Auslänner mat.

Zu den Demokratiedefiziten zielen: eng ongerecht Zesummesetzung vum Staatsrot, eng restriktiv Astellung zu decisive Referenden, en ongerechte Walsystem, eng ëmmer méi grouss Ënnerhielegung vun de Pouvoire vun der Chamber duerch d'Europäesch Unioun, net genuch Rechter fir d'Oppositioun an der Chamber a keen direkten Zougang vun de Bierger zum Verfassungsgeriicht. Doniewent gëtt et nach vill aner Gefore fir eise Rechtsstaat: d'Aschränkunge vun der Fräiheet vun der Press, d'Schwächte vun de Rechter vun der Verdeedegung viru Geriicht, anesou virun. Dat sinn déi reell an alldeeglech Problemer, déi de gudde Fonctionnement vun eiser Demokratie an eisem Rechtsstaat behënneren, an do sollte mir och prioritär Reforme virhuelen!

16. Dat « economescht Argument » fir d'Auslännerwalrecht ass falsch

Déi vill Auslänner, déi hei schaffen, sinn an deenen allermeeschte Fäll awer net hei, well si sech géinge besonnesch fir eist Land interesséieren oder hei wéilte politesch Decisiounen huelen.

Et ass richteg, dat vill Auslänner hei schaffen an esou e Bäitrag zu eiser Economie an eisem Wuelstand leeschten. Dat verdéngt Unerkennung, awer dofir nach net d'Zouerkenne vum Walrecht! Déi Leit wielen hei eng Aarbechtsplaz, well si bei sech am Chômage wieren, well se hei méi héich Salairen a besser economesch Méiglechkeete fannen an e besseren Sozialsystem, wéi an hirem eegenen oder an anere Länner.
Déijéineg, déi sech zu Lëtzebuerg fir laang Zäit eng nei Zukunft wëllen opbauen, kënnen a sollen de Wee vun der Integratioun wielen an d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen (esou guer als duebel Nationalitéit). Et sief drun erënnert, dat kee Land vun der Welt den Auslänner d'Walrecht gëtt, nëmme well si do schaffen.
Fir d'ADR ass kloer: D'Walrecht ass net un d'Aarbechtsplaz gebonnen, mä un d'Nationalitéit !

17. Dat « steierlecht Argument » fir d'Auslännerwalrecht ass falsch

Dat allgemengt Walrecht ass eng grouss a wichteg demokratesch Entwécklung: Et gi keng finanziell oder steierlech Critèren a Betruecht gezu.

De 26. Oktober 1919 gouf zu Lëtzebuerg dat allgemengt Walrecht agefouert, natierlech gebonnen un déi lëtzebuergesch Nationalitéit. Virdrun haten net nëmmen d'Frae kee Walrecht, mä och 75% vun de Männer hate keent. Bis dohinner war d'Walrecht nämlech u steierlech Critèrë gebonnen (suffrage censitaire). Et huet e misse Steieren an enger bestëmmter Héicht bezuelen, fir däerfe wielen ze goen.
Wa mir lo mat dem steierleche Critère fir d'Walrecht géingen argumentéieren, nom Motto "Wien hei Steiere bezilt, dee muss och däerfe wiele goen", fale mer an déi diskriminéierend Logik zréck, wou een huet musse bezuelen, fir kënnen ze wielen. An dann misst dat selwecht Argument jo sécher och fir d'Frontaliere gëllen, déi hei Steiere bezuelen, soss wären déi jo géint iwwer deenen Auslänner, déi am Land wunnen, sécher "diskriminéiert", oder net ? A wéi wär et mat deenen Auslänner, déi hei Steiere bezuelen awer nach keng 10 Joer hei wunnen?
Wéi wär et mat deenen Auslänner, **a Lëtzebuerger**, déi am Land wunnen an awer hei keng Steiere bezuelen, z.B. well si grad keng Aarbecht hunn oder well esou wéineg verdéngen, datt se net der Steier ënnerleien? Et sief och drun erënnert, dat kee Land vun der Welt den Auslänner d'Walrecht gëtt, nëmme well si do Steiere bezuelen.
Fir d'ADR ass kloer : d'Walrecht ass net u steierlech Critère gebonnen, mä un d'Nationalitéit !

18. "D'Upassung un déi sozial Realitéit"-Argument ass och falsch

D'Deelhuelen un de Walen ass de konkreten Ausdrock vun enger politescher Verantwortung, déi vill méi Facetten huet, wéi nëmmen economesch oder sozial Consideratiounen.

Et héiert een dacks, datt d'Walrecht fir Auslänner et géing erlaben, déi economesch a sozial Interessie vun deene Leit besser ze berücksichtegen an domat der sozialer Realitéit hei am Land besser Rechnung ze droen. Wann elo eng grouss Zuel vu Leit un de Walen deelhëlt, deenen hiren Interessi un de Wale virun allem, oder souguer exklusiv, economescher oder sozialer Natur wär, da géingen den Ausgang vun de Walen an d'Themen am Walkampf iwwerproportional vill duerch sou Froe bestëmmt. Dat kann zum Veraarme vum politesche Liewen an der politescher Debatt féieren an eben net zu der Beräicherung, déi sech Verschiddener vum Auslännerwalrecht erhoffen.

Integratioun

19. D'Walrecht iwwer déi duebel Nationalitéit steet jidderengem op!

Jiddwer Auslänner, den hei am Land lieft, kann déi Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen an domadder d'Walrecht bei de Chamberwale kréien.

Déi duebel Nationalitéit fir Auslänner, déi länger Zäit zu Lëtzebuerg wunnen, ass mat zwee Haaptargumenter an der Chamber agefouert ginn. Éischtens, fir datt esou méi Leit och d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen. Zweetens, well si dann, als Lëtzebuerger, un de Walen däerfen a mussen deelhuelen.
Wann Auslänner sech fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit entscheeden, an zum Deel den Effort fir z.B. Lëtzebuergesch ze léieren maachen, beweisen se hire Wëllen, sech ze integréieren. Domadder kréien se all d'Rechter vun de Lëtzebuerger, och dat aktiivt a passiivt Walrecht.
D'Konditioune sinn, datt ee siwe Joer hei gewunnt huet an e ganz einfache Sproochentest am Lëtzebuergesche packt. Et kann een also esouguer méi séier hei am Land dat aktivt a passivt Walrecht hunn, wéi duerch dat Auslännerwalrecht, wou et zing Joer dauert, bis ee kann aktiv wielen. Et muss däitlech ënnerstrach ginn, datt de Sproochentest hei am Land bedeitend méi liicht ass wéi déi an eisen Nopeschlänner. Duerch d'Méiglechkeet vun der duebeler Nationalitéit brauch een dobäi net op seng aner Nationalitéit ze verzichten.
D'Gesetz iwwert déi duebel Nationalitéit huet e grousse Succès: all Joer hunn e puer dausend Matbierger dëse Wee gewielt. Domadder ass de Rapport Lëtzebuerger – Auslänner op d'mannst stabiliséiert, an et hunn och vill Leit sech d'Méi gemaach, ons Sprooch ze léieren.
Dëse Wee vun der Integratioun iwwert d'Nationalitéit géif mam Auslännerwalrecht op d'Spill gesat ginn! Mat deem Recht wär den Zweck vun der duebeler Nationalitéit hifälleg.

20. D'Regierung wëll de Wäert vun der Lëtzebuerger Nationalitéit erof setzen

D'Regierung proposéiert a Wierklechkeet, datt och déi Auslänner, déi hei wunnen, awer aus iergend engem Grond d'Lëtzebuerger Nationalitéit iwwerhaapt NET wëllen, awer däerfen iwwer eist Land matbestëmmen.

D'Konditioune fir d'Auslännerwalrecht, sou wéi d'Regierung se proposéiert, gesinn eng Residenzklausel vun 10 Joer vir. Dat heescht awer gläichzäiteg, datt déi Auslänner, déi betraff sinn, wann si dat da wéilten, iwwer de Wee vun der Lëtzebuerger Nationalitéit d'Walrecht schonn dräi Joer méi fréi kréie kéinten. Natierlech féiert déi Iddi och déi aktuell Debatt ëm d'Reform vum Nationalitéitegesetz *ad absurdum*.
Wéi en Interessi hätten d'Auslänner da nach fir Lëtzebuerger ze ginn, wann si déi politesch Rechter praktesch iwwer d'Auslännerwalrecht geschenkt kriten? Et géingen der da sécher net méi ganz vill ginn, déi nach déi ganz Prozedure wéilten op sech huelen an eis Sprooch wéilte léieren, fir eis Nationalitéit ze kréien. Déi lëtzebuergesch Nationalitéit géing hinne jo da keng konkret Virdeeler méi bréngen, mä just nach en emotionale Wäert duerstellen.
Fir d'ADR ass kloer: d'Auslännerwalrecht géing d'Integratioun net stäerken, mä et géing si souguer zum Deel verhënneren!

21. D'Regierung wëll och déi matbestëmme loossen, déi eis Sprooch net verstinn

An de Propositioune vun der Regierung ass keng Sproocheklausel virgesinn. Dat géing konkret heeschen, datt e groussen Deel vum politesche Liewen net méi oder jiddefalls net méi nëmmen op Lëtzebuergesch wär.

Och déi Auslänner sollen d'Walrecht kréien, déi kee Lëtzebuergesch verstinn a och no 10 Joer Openthalt an eisem Land ons Sprooch net geléiert hunn. De Walkampf géing mat Sécherheet méisproocheg ginn, a vläicht géingen och d'Debatten an der Chamber geschwënn nees op Franséisch gefouertginn, esou wéi am 19. Joerhonnert. Oder vläicht mat

Simultaniwwersetzung? Vill vun deenen, déi d'Auslännerwalrecht fuerderen, behaapten einfach, datt Lëtzebuerg jo en « dräisproochegt » Land wär, an datt déi Lëtzebuerger Sprooch dowéinst net sou wichteg wär. Upasse mussen sech d'Lëtzebuerger.

Konsequenzen op eist politescht a gesellschaftlecht Liewen

22. D'ADR ass géint e fakultatiivt Walrecht

D'ADR ass fir d'Bäibehale vun der Walflicht, an dëst ouni nei Ausnahmen.

D'Lëtzebuerger Walflicht kennt wéineg Ausnamen, z.B. déi fir Wieler iwwert 75 Joer. Datt muss och esou bleiwen. Enner anerem dowéinst ass d'ADR och géint e fakultatiivt Walrecht fir déi Jonk ënner 18 Joer. E fakultatiivt Walrecht géing zwou Kategorie vu Leit schafen: déi, déi musse wiele goen, also d'Lëtzebuerger, an déi, déi däerfe wiele goen, also d'Auslänner.

23. D'Auslännerwalrecht schaaft de Risiko vum Communautarismus

Op ville gesellschaftleche Pläng kéint Lëtzebuerg duerch d'Auslännerwalrecht ganz séier mat radikale Fuerderunge konfrontéiert ginn, déi eist Land géinge virun enorm Zerräissprouwe stellen.

Wann d'Auslänner bis dat aktiivt d'Walrecht hunn, kënne gréisser auslännesch Communautéiten natierlech groussen Drock ausüben, z.B. fir d'Aféiere vun aneren oder zousätzlechen offizielle Sproochen oder fundamentale Schoulreformen. Sollt dann dat passiivt Walrecht an e puer Joer nokommen, besteet de Risiko, dat Parteien op Basis vun der Nationalitéit gegrënnt ginn, déi dann och reng auslännesch Wallëschten opstellen. Och verschidde reliéis Communautéite, mat majoritär auslännesche Memberen, kéinten hir eege Wallëschten opstellen a Fuerderungen erhiewen, déi der traditioneller Lëtzebuerger Gesellschaftsuerdnung drastesch widderspriechen. Alles dat entsprécht net dem Integratiouns- a Solidaritéitsgedanken, deen d'ADR vertrëtt.
Dës Froe ronderëm de Communautarismus beschränken sech och net op d'Situatioun vun haut. Duerch international Krise kënnen nei Migratiounen ausgeléist ginn, virun deenen och Lëtzebuerg kaum seng Grenze kann zoumaachen. Esou kéinten eemol nei Majoritéiten entstoen, déi nëmme bedéngt mat onse Wäerter vun haut kompatibel wären. Déi grouss Onsécherheeten an der Welt verlaange grouss Virsiicht ier een d'Matsproocherecht nei verdeelt.

24. D'Auslännerwalrecht ass géint den ëffentlechen Déngscht geriicht

D'Walrecht fir d'Auslänner géing jo mat sech bréngen, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an der Fonction Publique géing weider zeréck gedrängt ginn, an dat keng Funktiounen am ëffentlechen Déngscht méi kéinte fir Lëtzebuerger Staatsbierger reservéiert bleiwen.

An enger ganzer Rei vun Interviewe gouf ënnerstrach, datt vill in- an auslännesch Acteuren d'Auslännerwalrecht fuerderen oder ënnerstëtze fir dat politescht Gewiicht vun der Fonction Publique hei am Land däitlech ze reduzéieren. Doriwwer eraus muss ee wëssen, datt wann d'Auslänner bis kënne béi Gesetzer iwwer eis Souveränitéit matbestëmmen, oder souguer selwer Gesetzer maachen, da kënnen se net méi vu souveräne Funktiounen am Staatsdéngscht ausgeschloss ginn. Well d'Auslännerwalrecht net un eng Sprooch gebonnen ass, stellt sech dann och d'Fro vum Gebrauch vun de Sprooch beim Staat an de Verwaltungen.

25. Weist d'Auslännerwalrecht e positiivt Bild vu Lëtzebuerg?

Lëtzebuerg brauch sechnet ze verstoppen, wat d'Integratioun an den Ëmgang mat auslännesche Bierger ugeet. Mir si weltwäit eent vun de Länner mam gréissten Auslännerundeel, a mer hunn et zënter dem 19. Jorhonnert fäerdeg bruet, ganz vill Leit

ze integréieren. Mir gi friddlech mateneen ëm ouni gréisser Tëschefäll, ouni Auslännerhaass an ouni rietsextrem Parteien am Parlament.

No enger grousser Well vun Auswanderungen (Amerika, Brasilien, ...) huet Lëtzebuerg vun den 1870er Joeren un Aarbechter fir d'Schmelzen a Galerie gebraucht an haaptsächlech vill Italiener opgeholl an integréiert. Vu Mëtt de 1960er Joeren un hate mer dunn déi zweet grouss Immigratiounswell vunonseportugisesche Matbierger, déi och voll um Wee vun der Integratioun sinn an deenen hir Integratioun historesch ongeféier déi nämmlecht Zäit brauch, wéi déi italienesch gebraucht huet. Duerno si vu 1990 un vill Leit aus Ex-Jugoslawie komm (vill waren der och scho méi laang do) an duerno nach vill Leit aus Ost-Europa no der EU-Erweiderung.
Hei am Land wunne 45% Auslänner, dobäi kommen Dag fir Dag iwwert 160.000 Frontaliere bei ons schaffen.Ons Betriber a Gemengen si multikulturell, an etlechen Uertschafte läit den Auslännerundeel an der Bevëlkerung wäit iwwert 50%. Géif et esou Ëmstänn a munche vun eisen Nopeschlänner, oder och an den USA, deem fréieren Immigratiounsland *par excellence*, da wär do Mord an Doutschlag. Och ënnert de Sozialisten traut sech Frankräich net eemol, d'Auslännerwalrecht bei de Gemenge fir Nnet-EU-Bierger anzeféieren!
Wann d'Ausland e schlecht Bild vun ons huet, dann huet dëst näischt mat onsem Ëmgang mat den Auslänner ze dinn. Fir onsen „Imiitsch" ze verbesseren, musse mir ons Virdeeler an och ons Leeschtungen, zu deenen eisen openen a frëndlechen Emgang mat Auslänner gehéiert, offensiv verdeedegen an duerleeën. Mir, an virun allem ons Regierung, däerf net zouloossen, dass mir nëmmen als Steierparadäis, als Bankeplaz an als Bréifkëscht fir dubiéis Firme betruecht ginn. Mir mussen dat, wat mer hunn, besser verkafen, a net probéieren mam Abenteuer Auslännerwalrecht ze punkten.
Wa Lëtzebuerg, als éischt Land an Europa an an der EU, an als eent vu ganz wéinegen Länner an der Welt, d'Auslännerwalrecht aféiert, dann dréit dëst kaum duerzou bäi, onst Bild international a besonnesch an de Medien opzewäerten. Mir géifen domadder awer e weidert Signal sëtzen (nieft der Statistik vum „räichste Land vun der Welt"), fir Friemer, déi fir sech eng besser wirtschaftlech Zukunft sichen, aus der ganzer Welt unzelackelen.

Wiele mat 16: Nee! Nee! A nach eemol Nee!

Grondsätzlech Iwwerleeung

Wiele mat 16: Dat kléngt vläit gutt, fir déi Jonk esou eppes ze froen. Awer et geheit e Gläichgewiicht iwwert de Koup, deen a laange Joeren opgebaut ginn ass. Den 18. Gebuertsdag bréngt deene jonke Leit esou vill Méiglechkeeten fir hirt Liewen als Erwuessener ze maachen, dass een och d'Recht (an d'Pflicht) fir wielen ze goen op deen Dag soll bannen.

1. Un d'Groussjäregkeet bannen

D'ADR wëll de Walalter net vun dem vum Alter, wou e groussjäreg gëtt, ofkoppelen. Esou behält een eng Kohärenz an der Jugendpolitik (Strofrecht, aner Rechter a Flichten).

Zu Lëtzebuerg, wéi an deenen allermeeschte Länner vun der Welt, erreecht een d'Groussjäregkeet (majorité civile) mat 18 Joer. An deem Alter kritt een nei Rechter, awer och nei Flichten. Virdrun ass ee mannerjäreg (mineur d'âge), wat och bedeit, datt een e vill méi grousse Schutz genéisst, z.B. a ganz besonnesch am Beräich vun der Justiz. Och d'Abannen un d'Elteren, mat alle Virdeeler a géigesäitege Rechter a Flichten, besteet am Prinzip bis 18 Joer. De Walalter erof ze sëtze kéint bedeiten, datt och spéider den Alter fir d'Groussjäregkeet kéint erof gesat ginn, oder dat zumindest a bestëmmte Beräicher de Schutz, deen de Mannerjäregen haut genéisst, erof gesat kéint ginn.

2. Versteesdemech fir d'Politik

D'Versteesdemech vu Politik bedéngt net nëmme Wëssen iwwer d'Institutiounen an d'Parteien.

D'Recht, wielen ze goen, bedéngt och d'Asiicht a komplex mënschlech Verhalensweisen, Denkschemaen a Reaktiounen, déi een eréischt mat der Zäit besser kennen- a verstoe léiert. Och wa jonk a ganz jonk Leit sech schonns fréi fir Politik interesséieren, wat d'ADR begréisst, da geet dat alleng nach net duer, fir politesch Decisiounen ze huelen, déi jo ganz vill a ganz eescht Implikatiounen hunn.

3. Risiko vu Manipulatioun

De Risiko vun der Manipulatioun bei Mannerjäregen ass ganz grouss. De Walalter bei 18 Joer loossen, huet also och eng Schutzfunktioun fir dës Jugendlecher.

An de Schoule ginn déi Coursë vun Instruction civique a Philosophie eréischt op méi héije Schoulklassen ugebueden, wat dem Alter ugepasst ass an och déi Jonk zum richtegen Zäitpunktvirbereed, fir erwuessen ze ginn, ouni hinnen ze fréi d'Freed an d'Fräiheete vun dem „jugendlechem Liichtsënn" ze huelen.

4. Och d'Zuel 16 ass arbiträr

D'Altersgrenz vu 16 ass arbiträr.

Richteg ass, datt all Jugendlechen en Individuum ass, a méi fréi oder méi spéit sech fir gewësse Saachen interesséiert. Och fir d'Politik ass deen een éischter räif ewéi en aneren. D'Politik muss awer een Alter bestëmmen, dee fir jidderee passt. Et kann ee jo de Walalter net un eng Prüfung bannen!
D'Piratepartei wëll 13 Joer! Wou wëllt een d'Grenz zéien?

Mir mengen, mat 18 Joer ass an enger laanger wueliwwerlueter Entwécklung e gudde Schnatt fonnt ginn. ‘t brauch een nëmmen ze kucken, wéi Schrëtt fir Schrëtt den Alter fir wielen ze goen a fir gewielt ze ginn, op den Alter ugepasst gi sinn.

5. Prinzip vum fakultative Walrecht

D’ADR wëll keen Aschnëtt an de Prinzip vun der Walflicht duerch d’Méiglechkeet vun enger fakultativer Bedeelegung.

Och dat ass eng kohärent Positioun vun der ADR, déi jo och kengen anere Gruppe vun der Gesellschaft (z.B. den Auslänner) wëll eng Méiglechkeet op e fakultatiivt Walrecht opmaachen. (D'Ausnam däerf nëmmen, wéi bis elo, fir eeler Leit ab 75 Joer gëllen).

6. Rechtlech Grondfroen

D’Walrecht ass kee Grondrecht am Sënn vun engem elementare Mënscherecht, dat ëmmer an ënnert alle Konditioune gi wär.

D'Walrecht ass e Biergerrecht, also e politescht Recht, dat ënner deene Konditiounen ausgeübt gëtt, déi d’Parlament bestëmmt. Konditioune sinn z.B. den Alter, d'Nationalitéit, d’zivil Rechter net viru Geriicht verluer ze hunn, déi geeschteg Zourechnungsfäegkeet. Et gëtt och verschidde Konditioune bei verschiddene Walen, wéi d’Walrecht bei Sozialwahlen.
Dat sinn « restrictions raisonnables », wéi se am internationale Recht erlaabt sinn.

AlternativPropose vun der ADR

D'Jugend huet schonns haut en ganz Rei Méiglechkeeten, sech politesch auszedrécken. Nieft der Partizipatioun a Parteien a Jugendparteien, a Gewerkschaften an ONG'en oder nach op Demoen, bestinn um institutionelle Plang vill Gremien, déi sech speziell un d'Jugend riichten. Duerzou gehéieren d'Jugendparlament, Schülercomitéen an den eenzelne Lycéeën, déi national Konferenz vun de Schüler, déi Allgemeng Konferenz vun der Lëtzebuerger Jugend (CGJL, Conférence Générale de la Jeunesse luxembourgeoise), Jugend- a Kannergemengeréit.

D'ADR fuerdert e verstäerkten Unterrecht iwwer Instruction civique an alle Schoulen, fir eng besser politesch Bildung ze erméiglechen. Hei mussen ALL Parteien, ënnert gläiche Bedingungen, an de Schoulen däerfen un de Meenungsbildung partizipéieren.

Am Sënn vun enger méi familljefrëndlecher Politik däerf een och iwwert aner Modeller diskutéieren, wéi z.B. iwwer e Familljewalrecht, bei dem d’Elteren e Stëmmrecht fir all Kand géife kréien.

D’ADR bitt selwer och d’Méiglechkeet fir déi jonk Leit, sech an hirer Jugendorganisatioun, der ADRenalin, ze engagéieren an doduerch politesch Erfahrung ze sammelen.

Nee zu der Begrenzung vun de Ministermandater

Ministermandater begrenzen? Nee! Nee! Nee!

Grondsätzlech Iwwerleeung

Esou vill gutt Politiker gëtt et net hei am Land, dass mir eis kinnten erlaaben, se no zwou Amtszäiten an d'Pensioun ze schécken. An dat esouguer, andeems mer dem Wieler géingen d'Méiglechkeet huelen, selwer ze décidéieren, op se e Politiker nach eng Kéier wëllen eremgesinn oder net.

1. De Wielerwëlle respektéieren

D'ADR akzeptéiert keng Aschränkung vum fräie Wielerwëllen.

De lëtzebuerger Walsystem erlaabt et, Politiker eenzel mat enger oder zwou Preferenzstëmmen ze „belounen", sief et op enger eenzeger Lëscht, sief et duer de Panachage. Iwwert dëse Walsystem gi regelméisseg Politiker, an och Ministeren ofgewielt oder kommen esou wäit no hannen op hirer Lëscht, datt hir Partei se net méi mat an d'Regierung kann huelen, ouni dem Wielerwëllen ze widderspriechen.
Ëmgedréint ginn och Politiker, dorënner Ministeren fir hir gutt Aarbecht mat dëse Preferenzstëmme „belount". Et gëtt awer kee Minister „forcéiert", och net vum Wieler, op sengem Stull ze pechen, och net méi wéi 10 Joer laang.
Och all Partei ka fir sech, z.B. iwwert d'Statuten, decidéieren, fir d'Mandater vun hire Memberen ze limitéieren. Dëst gëllt net nëmme fir Mandater an der Regierung.
Esoulaang de Wieler engem bestëmmte Politiker säi Vertrauen ausschwätzt, soll deen och e Mandat kënnen ausüben, dat dem Wahlresultat entsprécht.

2. Inkohärenz: nëmme fir d'Regierung ?

D'ADR wonnert sech, datt sou eng Aschränkung nëmme soll fir d'Membere vun der Regierung gëllen.

Wéi sou gëllt déi Aschränkung vun der Mandatsdauer net och fir aner politesch Mandater? Et feelt do un Argumenter an Erklärungen, fir déi Inkohärenz vun der Säit vun de Regierungsparteien! Wann d'Regierung an hirer Logik d'Mandater vu politesch Responsabler op 10 Joer wëllt begrenzen, da misst dat selwecht jo z.B. an de Gemengen och fir de Buergermeeschter oder Schäffe gëllen.

3. D'Fro ass net kloer gestallt.

Eng Fro, déi vill Froen opstoe léist.

D'Fro, op déi de Bierger beim Referendum muss äntweren, ass iwwerhaapt net kloer! Wéi laang muss e Minister oder Staatssekretär no 10 Joer pausen ? Laut der Regierung ass dat eng Legislaturperiod. Dëst kann awer och z.B. nëmmen 1 Joer daueren, bei enger Regierungskris.
Wéini fänken déi 10 Joer un ze lafen? Laut der Regierung fänke mer eréischt un, no dem Akraafttriede vun der Verfassungsreform ze zielen, also fréistens 2018. D'Fro vum Referendum, déi mer haut diskutéieren, géif fréistens 2028 a Kraaft trieden, an esou kéint z.B. de Jean Asselborn an Nicolas Schmit nach 10 Joer méi laang Minister bleiwen. Esou wäit zur Konsequenz vun der Dräierkoalitioun.
D'ADR hätt zumindest erwaard, datt dës Aspekter konkret an der Fro an iwwert eng Propositioun fir den Text vun der Verfassung, gekläert wären, a verléisst sech net op Versprieche vun engem Parteipresident.

4. De Prinzip vun der limitéierter Mandatszäit nëmme fir ganz mächteg Posten.

E lëtzebuerger Minister ass kee President vun Amerika.

De Prinzip vun enger limitéierter Mandatszäit gëtt am Ausland applizéiert, dëst awer generell nëmme fir ganz mächteg Positiounen, wéi fir de President vun Amerika oder dee vu Frankräich. Et sinn dëst zwee Beispiller, wou déi respektiv Verfassung dem President, deen duerch allgemeng Wale gewielt gëtt, immens vill Pouvoire gëtt.
D'ADR ass der Meenung, datt dëst a kengem Fall mat de Pouvoiren ze vergläichen ass, déi e Member vun der lëtzebuerger Regierung a senger Funktioun ausübt.

5. Politesch Mandater: méi wichteg Problemer

D'ADR erkennt ganz aner a vill méi wichteg Problemer am Beräich vun der Diskussioun vun de politesche Mandater.

Iwwer dës Punkte kéint a sollt een diskutéieren:
de Prinzip vun der Ernennung vun enger net gewielter Perséinlechkeet als Member vun der Regierung;
de Cumul vun engem Deputéiertemandat mat engem gemengepolitesche Mandat;
de Cumul vun engem Mandat am Staatsrot mat dem vun engem Magistrat, engem Buergermeeschter oder engem Schäffen.

6. Virdeel an den europäesche Ministerréit

D'Gewiicht vu Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun mat Erfahrung ausgläichen

Lëtzebuerg kritt et ëmmer méi schwéier, sech an der Europäescher Unioun duerchzesetzen. Am Géigendeel, et gëtt ëmmer méi op dat kléngt Lëtzebuerg geklaapt, z.B. a Finanz- a Steierfroen. Ee vun de Virdeeler vu Lëtzebuerg an de Ministerréit war, datt Ministeren dacks méi eng laang Mandatszäit hate wéi hir auslännesch Kollegen, an esou d'Gréisst vum Land zu Deel konnten duerch Erfahrung ausgläichen.

Alternativ Propose vun der ADR

Fir d'Demokratie zu Lëtzebuerg ze verbesseren, proposéiert d'ADR z.B. eng méi gerecht Verdeelung vun de Mandater am Staatsrot, eng Reform vum Walsystem (en eenzege Walbezierk fir d'ganz Land oder d'Upassung vun den Deputéiertemandater pro Bezierk virun all Wal) an direkten Zougang vum Bierger op d'Verfassungsgeriicht (Cour constitutionelle) an eng Reform vum Fraktiounsstatus an der Chamber.

Annexes

De Fernand Kartheiser begrënnt d'Parteipositioun beim Referendum[Video]:

De Roy Reding an der Chamber an der Chamber zum Sondage/Referendum [Video]:

Bréif un d'Press vum Roy Reding : Anticonstitutionnel ! Consultatif !

Deux réponses juridiques à l'article du Prof.Dr.Luc HEUSCHLING à propos du premier référendum « constituant »

Dans son article paru au FORUM de novembre 2014 M. Luc HEUSCHLING, professeur de droit constitutionnel et administratif à l'Université du Luxembourg a posé deux questions à propos du référendum projeté par la majorité parlementaire : « Illégal ? Consultatif ? »

La première question est mal posée.

Le référendum que M. Heuschling qualifie de « constituant » aura lieu sur base d'une loi. Or par essence une loi ne peut pas être illégale ! Elle peut être absurde, elle peut être mal rédigée, elle peut être contraire à une norme juridique supérieure. Oui, elle peut être non-conforme à la Constitution. Mais elle ne peut jamais être « illégale »

La véritable question devrait donc être « Conforme à la Constitution ? » et la véritable réponse doit être : anticonstitutionnel !

C'est par un raccourci intellectuel que M. Heuschling arrive à la conclusion – politiquement voulue – que le référendum projeté serait conforme à la constitution : il nous dit que , certes, l'article 114 prévoit le mode de modification de la Constitution, mais puisque un autre article de la constitution, 51.7, prévoit la possibilité pour la loi d'appeler les électeurs à « se prononcer par la voie du référendum » le référendum « constituant » serait conforme tant au texte qu'à l'esprit de la Constitution – cqfd.

« Ex cathedra » M. le professeur nous dit : la matière constitutionnelle n'est pas exclue du champ d'application des référendums prévus à l'article 51.

Or, justement il doit être permis d'être d'un avis radicalement contraire !

En matière constitutionnelle il est universellement admis que la constitution prévoit elle-même comment, sous quelles conditions, suivant quelle procédure, par quelles majorités le texte peut être modifié.

Et sans avoir besoin d'aller consulter des textes de pays exotiques, on constate que ces règles sont toujours plus contraignantes que celles prévues pour une simple loi.

L'article 195 de la Constitution belge prévoit la nécessité de deux tiers des suffrages des membres des deux chambres.

La Constitution allemande prévoit la nécessité de recueillir deux tiers des voix tant au Bundestag qu'au Bundesrat.

La philosophie est toujours la même : la Constitution ne peut pas être amendée facilement ; un changement nécessite un large consensus politique.

Puisque notre Constitution prévoit de façon très claire comment et sous quelles conditions elle peut être modifiée, il est évident que chaque autre procédé est *ab initio* contraire à la Constitution.

Le référendum projeté ne sera donc pas « illégal » car organisé sur base d'une loi, mais certainement contraire à l'esprit et la lettre de la Constitution.

Ensuite M. Heuschling s'interroge sur la question de savoir si le référendum est « consultatif ? »

Malheureusement notre droit ne prévoit actuellement que des référendums « consultatifs » (sauf le référendum sur l'approbation définitive de modifications à la Constitution après vote par deux tiers des députés).

Je dis « malheureusement » car mon parti – ADR – exige depuis belle lurette d'introduire la possibilité d'initier des référendums décisifs – même sur initiative populaire !

Si aucun référendum ne peut être décisif actuellement – pourquoi justement le référendum projeté le serait ? C'est un pur sophisme de dire : puisque ce référendum a lieu dans une matière constitutionnelle (ce qui est contraire à l'esprit et le texte de la Constitution) il est nécessairement décisif car l'expression de la « volonté du peuple »

Oui, c'est un sophisme pour justifier l'injustifiable et pour forcer la main aux 26 députés (donc légèrement plus que le tiers) qui ont d'ores et déjà fait savoir qu'ils n'étaient PAS d'accord avec les trois questions que le gouvernement veut soumettre à référendum « préalable »
Le référendum n'est donc pas un » premier référendum constituant légal et décisif » mais bien un « référendum anticonstitutionnel et purement consultatif » En fait, pour appeler un chat un chat, c'est un simple sondage..

. Roy READING

Formuléierung vun de Referendumsfroen

„Approuvez-vous l'idée que les résidents non luxembourgeois aient le droit de s'inscrire de manière facultative sur les listes électorales en vue de participer comme électeurs aux élections pour la Chambre des Députés, à la double condition particulière d'avoir résidé pendant au moins dix ans au Luxembourg et d'avoir préalablement participé aux élections communales ou européennes au Luxembourg?"
„Sidd Dir mat der Iddi averstanen, datt d'auslännesch Matbierger d'Recht kréien, sech fakultativ an d'Wielerlëschten anzeschreiwen, fir als Wieler bei Chamberwahle matzemaachen, an dat ënnert der besonnescher duebeler Bedéngung, datt si op d'mannst während 10 Joer zu Lëtzebuerg gewunnt hunn a virdru scho bei Gemengen- oder Europawahlen zu Lëtzebuerg matgemaach hunn?"
„Befürworten Sie die Idee, dass ausländische Mitbürger das Recht erhalten, sich fakultativ in die Wählerlisten einzuschreiben, um sich als Wähler an den Wahlen zur Abgeordnetenkammer zu beteiligen, und dies unter der besonderen doppelten Bedingung, während mindestens zehn Jahren in Luxemburg gewohnt und sich vorher bereits an Kommunal- oder Europawahlen in Luxemburg beteiligt zu haben? "

¶¶

„Approuvez-vous l'idée que les Luxembourgeois âgés entre seize et dix-huit ans aient le droit de s'inscrire de manière facultative sur les listes électorales en vue de participer comme électeurs aux élections pour la Chambre des Députés, aux élections européennes et communales ainsi qu'aux référendums?"
„Sidd Dir mat der Iddi averstanen, datt d'Lëtzebuerger, déi tëschent 16 an 18 Joer al sinn, d'Recht kréien, sech fakultativ an d'Wielerlëschten anzeschreiwen, fir als Wieler bei de Wale fir d'Chamber, d'Europaparlament an de Gemengerot souwéi bei de Referende kënne matzemaachen?"
„Befürworten Sie die Idee, dass die Luxemburger im Alter zwischen sechzehn und achtzehn Jahren das Recht erhalten, sich fakultativ in die Wählerlisten einzutragen, um sich als Wähler an den Walen zur Abgeordnetenkammer, dem Europaparlament und dem Gemeinderat sowie an den Referenden beteiligen zu können?"

¶¶

„Approuvez-vous l'idée de limiter à dix ans la durée maximale pendant laquelle, de façon continue, une personne peut faire partie du gouvernement ?"
„Sidd Dir mat der Iddi averstanen, d'Zäit, während där eng Persoun ouni Ënnerbriechung an der Regierung däerf sinn, op maximal 10 Joer ze begrenzen?"
„Befürworten Sie die Idee, die Dauer während der eine Person ohne Unterbrechung in der Regierung sein darf, auf maximal zehn Jahre zu begrenzen?"

¶¶

ADR-Wahlprogramm (Auszich iwwer déi dräi Referendumsfroen)

„Da auch auf Gemeindeebene Entscheidungen getroffen werden können, die souveräne Interessen Luxemburgs berühren, verlangt die ADR, dass das Wahlgesetz so abgeändert wird, dass die Funktionen des Bürgermeisters und des Schöffen wieder ausschließlich luxemburgischen Staatsbürgern vorbehalten sind. Alleinige Umgangssprache in den Gemeinderäten soll Luxemburgisch sein.

Bei den Wahlen zur Abgeordnetenkammer möchte die ADR, dass auch weiterhin nur luxemburgische Staatsbürger das aktive und passive Wahlrecht haben. Dieses Prinzip muss in der Verfassung verankert bleiben. Jede diesbezügliche Änderung wird die ADR unverzüglich dazu veranlassen eine Referendumsprozedur einzuleiten.

Da in der Abgeordnetenkammer alle Fragen bezüglich der luxemburgischen Souveränität diskutiert und entschieden werden, ist die ADR der Auffassung, dass die Mitglieder des Parlaments ausschließlich vom Staatsvolk, also von den luxemburgischen Staatsbürgern bestimmt werden sollen. Jede andere Lösung würde ja auch den Wert der luxemburgischen Staatsbürgerschaft in Frage stellen und die Motivation zum Erwerb dieser Staatsbürgerschaft für in Luxemburg residierende Ausländer deutlich mindern.

Die ADR macht darauf aufmerksam, dass weltweit kein anderes Land mit einer vergleichbaren demographischen Struktur wie Luxemburg ein Ausländerwahlrecht eingeführt hat. Die ADR akzeptiert das Ausländerwahlrecht allerdings bei den Sozialwahlen, den Kommunalwahlen sowie den Europawahlen (für EU-Bürger). Sie sieht kein Demokratiedefizit in der Bestimmung, dass das Wahlrecht bei den Wahlen für die Legislative ausschließlich den Staatsbürgern vorbehalten bleibt. Das umgekehrte Argument zugunsten des Ausländerwahlrechts, also die Verallgemeinerung des Wahlrechts zur Bekämpfung eines vermeintlichen Demokratiedefizits, müsste ja dann auch weltweit zur Geltung kommen, wofür aber nirgendwo auch nur ansatzweise eine diesbezügliche Argumentation zu erkennen ist.

Die ADR ist ebenfalls der Auffassung, dass diese Frage nicht europaweit geregelt werden soll, sondern dass die Behandlung des Wahlrechts eine Frage der nationalen Souveränität bleiben muss.“

¶¶

„Das Mindestalter für das aktive und passive Wahlrecht soll bei 18 Jahren bleiben. Gleichzeitig fordert die ADR eine Verstärkung des Bürgerkunde- Unterrichts in allen Schulen.“

¶¶

Was die Trennung der politischen Mandate angeht, tritt die ADR dafür ein, dass ab den Parlamentswahlen 2018 ein Mandat als Abgeordneter nicht mehr vereinbar ist mit der Funktion eines Bürgermeisters oder Schöffen.

Gleichzeitig möchte die ADR auch, dass eine Mitgliedschaft im Staatsrat ebenfalls unvereinbar mit der Funktion eines Bürgermeisters oder Schöffen ist.

Hingegen ist die ADR gegen eine Beschränkung der sukzessiven Mandate auf zwei Amtsperioden, weil sie der Auffassung ist, dass der Wähler selbst diesbezüglich eine Entscheidung treffen sollte.

Bäitrag vum Roland Kirsch: Iwwer d'Walrecht zu Lëtzebuerg

Viru kuerzem konnt een op RTL d'Meenung vum Paul Kremer zum Walrecht fir Auslänner lauschteren. (www.rtl.lu/meenung/607577.html). Ech ka mech där Positioun nuren zu 100% uschléissen, wëll ower elei nach e puer zousätzlech Iwwerleeungen an d'Gespréich bréngen. Iwwer deen aarmséilege Versuch vun der Regierong mam Begréff "Awunnerwalrecht" deen "diskriminéierende" Begréff "Auslänner" aus der Schosslinn ze huelen, huet de Fernand Kartheiser schonn op sengem Blog (fkartheiser.lu/?p=4977) geäntwert. Ech wëll elei op verschidden aner Argumenter vun de Vertrieder vum "Auslännerwalrecht" agoen.

Et héiert een ëmmer erëm, datt ët Apartheid wier, d'Ausslänner nët wielen ze loossen. Dat Argument läit nun ower total dernieft. Apartheid bezeechent een dat, wat a Süd-Afrika am 20. Jorhonnert d'politescht Liewe bestëmmt huet. Hei huet eng zougewandert wäissBevölkerungsgrupp déi agebueren (also am Land gebueren) schwaarz Bevölkerungsgrupp ënnerdréckt. Ët wor also eng Rassendiskriminéierung vun nët einheimesche Wäissen iwwer einheimesch Schwaarzer, déi an hirem eegene Land näischt méi ze soen haten. Wien do Parallele mat Lëtzebuerg gesäit muss beim Optiker passéieren.

Genee esou falsch ass ët, d'Ausschléisse vun Auslänner bei den nationale Walen als Diskriminatioun ze bezeechnen. All Auslänner, déi zu Lëtzebuerg wunnen, si fräiwëlleg bei eis komm, mat dem Wëssen, datt, wa si op eng komplett Integratioun géinge verzichten, d.h. also d'lëtzebuerger Nationalitéit nët géingen unhuele, si vun de Parlamentswalen ausgeschloss wieren. Si hunn aus wat fir Grënn och ëmmer drop verzicht, sech z'integréieren; si wëllen eis Sproch nët léieren, si feieren hir national Fester, hu keng Anung vun eiser Geschicht a brauchen no 20 Joer am Land nach ëmmer eng Landkaart, fir ze gesinn wou Veiane läit. Si sinn a bleiwen Auslänner. Als Auslänner hu si bei eis nët manner Rechter wéi a bal alle Länner vun eiser Äerd, mat deem Virdeel, datt si no relativ kuerzer Zäit d'lëtzebuerger Nationalitéit unhuele kënnen, ouni d'Nationalitéit vun hirer Ofstamung opzeginn (fir mech bleift ët trotzdem e Rätsel, wéi een z.B. gläichzäiteg Lëtzebuerger a Fransous ka sinn an domadder d'national Parlamenter an zwee Länner ka matbestëmmen; ass dat keng Diskriminéierung vun all deenen, déi nueren an engem Land wiele kënnen?).

D'Verdeedeger vum Auslännerwalrecht bréngen hir Argumenter gären esou eriwwer, wéi wann eis aktuell Situatioun eis vis-à-vis vun eise Noperen an e schlecht Liicht géing stellen. Si soen ët nët, well ët absolut falsch wier, mee si maachen eis gleewen, wéi wann d'Auslännerwalrecht op der ganzer Welt verbreet wier. Dat ass ower absolut nët de Fall. Vum Vatikan ofgesinn hunn d'Auslänner nach an 2 (zwee!) Länner d'Recht, bei nationale Wale matzemaachen. Dat eent ass den Uruguay, e kommunistesch gefouerte Staat a Südamerika, dat kaum Zouwanderung verzeechent. Dat anert ass Neiséiland, e Land wat vill "Aussteiger" unzitt. Fir a Neiséiland anzewanderen ass nët esou einfach. En éischte Critère ass d'Beherrsche vun der Sprooch! Mee donieft gëtt ët nach eng Abberzuel vu Bedingungen, déi jiddereen däerf am Internet nokucken (newzealandshores oder immigration NZ) Wien ënnert deene Bedingunge nach wëllt awanderen, ass am Häerz schonn e Neiséilänner. Nieft dësen zwee Länner gëtt ët nach Länner, déi a bi-lateralen Ofkommes deene jeeweilegen Auslänner aus deem anere Land d'Nationalwalrecht zougestinn. Ët sinn dat Länner, déi duerch hir gemeinsam Geschicht aus der Kolonialzäit resp. der Zäit vum Commenwealth nach méi enk matenee verbonne sinn (z.B. Portugal a Brasilien; England, Wales, Schottland a Nordirland).

“Wien hei Steiere bezilt, soll och hei wiele kënne goen.” Dat Argument gëtt och ëmmer erëm ervir bruecht. Dee logeschen Ëmkéierschloss wier: wie keng Steiere bezilt duerf nët wiele goen (Aarbechtsloser, Hausfraen, Studenten, kannerräich Familljen, Aarbechter mat geréngem Akommes asw.) D'Recht wielen ze goe baséiert ower nët op eisem finanzielle Beitrag zu dësem Staat, mee eis Zougehéieregkeet, eis gemeinsam Identitéit! D'Argument vun de Steieren hippt op alle Säiten. Gëlt dat fir jiddereen, deen hei Steiere bezilt oder ass do e Minimum virgesinn? Kréie Vereenegungen a Firmen, déi hei Steiere bezuelen, och national Stëmmen? Wéi ass ët mat deene, déi all Woch e pur Mol am Land tanken (z.B. Camionneuren) ouni hei ze wunnen an ze schaffen, ower ganz dacks méi Steieren (Accisesteier) bezuelen, wéi e Letzebuerger? Heescht dat, datt d'Frontalieren och eist nationaalt Parlament matbestëmme kënnen?

Wann een am Ausland doriwwer schwätzt, datt bei eis d'Walrecht vun Auslänner diskutéiert gëtt, da muss een dat zwee Mol soen, well d'Leit mengen, si hätte falsch verstan. Et ka kee sech virstellen datt ët och nuren ee Land gëtt, wou d'Auslänner matbestëmmen duerfen iwwert déi national Politik. Ët freet ee sech wierklech, wat d'Ursaach ass zu dësem Schrëtt. Wëlle mer villäicht och doranner erëm méi europäesch wéi de Rescht vun Europa sinn an dat federalt Europa bei eis ausprobéieren?

Nach eng Iwwerleeung zum Schluss. Ganz dacks si mir am Ausland bei Frënn op Besuch; genee esou dacks hu mer och Leit bei eis zu Gaascht. Als Gäscht si mir ët gewinnt, eis eiser Gaaschtfamill unzepassen; genee esou verhalen Gäscht sech bei eis. Ech hunn ët nach ni erlieft, datt mär als Gaascht oder eis Gäscht versicht hätten, sech an d'Organisatioun vun der Gaaschtfamill anzemëschen. Sou lieft jiddereen am Respekt vir den aneren.

Link op de Blog Riichteraus vum Roland Kirsch

Grafik: Undeel vun Auslänner an den EU-Länner



Käschte vum Referendum: Den Dossier vun der parlamentarescher Fro vum Roy Reding
Den Dossier ass hei.